

 <p>Fédération Luxembourgeoise de Marche Populaire asbl</p> <p>N° registre de commerce : F1749</p> <p>Membre du Comité Olympique et Sportif Luxembourgeois (COSL) Membre de la Fédération Internationale des Sports Populaires (IVV) Membre de la Fédération Européenne des Sports Populaires (EVP)</p> <p>B.P. 56 · L-9201 Diekirch · Internet: www.flmp.lu · e-Mail: info@flmp.lu · GSM: 691 302 687 compte bancaire N°: CCPLULL LU90 1111 0469 4089 0000</p>		
--	--	---

Ref. : FLMP-2016-167

Newsletter 3 / 2016

September 2016

Journées Nationales

Dëst Joer ass fir d'éischte Kéier e „Nationalen Dag vun der geféierter Wanderung“ organiséiert ginn. 11 Veräiner hunn den 18. Juni matgemaach a ronn 600 Wanderer hunn sech un dësen Organisatiounen bedeelegt. E groussen Erfolleg also, sou datt mer elo schonns d'Veräiner invitéieren, sech fir den 2. September 2017 Gedanken ze maachen fir eventuell och matzemaachen. D'Ziel ass et nach ëmmer, sech virun allem bei der lokaler Populatioun méi bekannt ze maachen an eise flotte Fräizäitsport virzestellen.

Och eise „Nationale Wanderdag“ dëst Joer zu Biekerech war erëm en Erfolleg. Mat 1.134 Participanten, dovunner 81 Kanner, kënnen mer ganz zefridde sinn.

Eise Kannerprogramm hat och groussen Succès. 4 Alpaka an 13 leselcher hunn verschidde Gruppen op dem Parcours begleet an nom Trëppeltour konnten d'Kanner sech bei der Fondatioun Follereau Lëtzebuerg eng flott Masque an d'Gesicht mole loossen.

Och d'nächst Joer ass eise Nationale Wanderdag nach eng Kéier zu Biekerech an 2018 organiséiert mer dësen Dag den 31. August an 1. September zesumme mat eiser grousser 24-Stonne-Wanderung an der Coque.

Brainstorming 2016

Dëst Joer ass eise Brainstorming den 8. Oktober erëm an der Coque um Kierchberg. Selbstverständlech erwaarde mer erëm vun all Veräin zwee Verrieder fir mat eis iwwert lafend a nei Projeten ze diskutéieren.

Nom Mëttegiessen invitéiere mer all d'Comitésmemberen vun de Veräiner fir un enger flotter Konferenz vun der Sécurité alimentaire vum Gesondheitsministère deelzehuelen. Et ass wichteg informéiert ze sinn, wéi eis Menüen musse preparéiert an zerwéiert ginn a wéi eng Regeln onbedéngt mussen agehale ginn.

Duerno presentéiert Sport 50 vu Féiz eisen neien Internetsite a gëtt Informatiounen, wéi d'Veräiner sech kënnen zu engem gënschtege Präis un dës Site uschléissen resp. selwer en Internetsite opstellen a verwalten.

Reservéiert iech elo schonns dësen Datum, eng separat Invitatioun kënnt geschwënn.

Assurances

Am Juni huet Vanbreda & Lang d'Veräiner ugeschriwwen an si iwwert déi nei global Assurance informéiert. Eng Partie Veräiner hunn och schonns hir Participatioun confirméiert.

Wann elo nach Veräiner do sinn, déi sech nach net decidéiert hunn oder nach wëllen weider Informatiounen hunn, sou kënnen si sech direkt un den Här Olivier THIRY Gestionnaire administratif vun Vanbreda & Lang wenden. Email: olivier.thiry@vanbredalang.lu oder Tel. 46 54 03 26 .

Permanent Wanderweeër

Zu Lëtzebuerg hu mer elo insgesamt 17 Permanent Wanderweeër, de leschten, de PW 018 zu Bettenduerf, ass de 5. August offiziell opgaangen.

Ab dësem Datum gëllt och dës PW fir eise PW-Cup, den nach ëmmer gutt funktionéiert. 11 Wanderer hu schonns d'Masterauszeechnung kritt, Gold ass 14 mol verdeelt ginn, Sëlwer 19 mol a Bronze 39 mol. Dës PW-Cup ass zäitlech net limitéiert.

Am Sekretariat vun der FLMP gëtt et elo och e Package vun alle Startkaarten vu Lëtzebuerg ze kafen. Dës verkaafte Startkaarten ginn am Enn vum Joer mat alle betraffe Veräiner ofgerechent. Fir d'Statistik zielt awer nach ëmmer d'Zuel vun de fäerdig gewanderten PWen.

Eis FLMP-Poloen

D'FLMP huet sech e kleng Stock vun eise flotte Poloen ugeluecht. Op eisen Infostänn oder bei de Yuppi-Walken kënnt dir dës op der Plaz kafen, bestelle kënnt der se awer och an eisem FLMP-Sekretariat.

Mir wäerten zesumme mat eisem Sponsor Freelancers fir d'nächst Joer virun der IVV-Olympiade zu Koblenz nach eng Kéier eng gréisser Aktioun starten fir datt och jiddereen bei dësem Event mat dem lëtzebuurger Polo kann optrieden.

Neien Internetsite

D'Lëtzebuurger Wandersportfederatioun huet e neien Internetsite, dëst vum 12. August un. Dir fannt eis ënnert dem Numm www.flmp.lu. Eis al Adress gëtt automatesch op déi nei Adress verlinkt.

Hei kënnt dir iech och als Fan vun dëser Säit umellen. De Bedreiwer Sport 50 huet schonns un all d'Leit mat enger Emailadress en deemtsprechende Message verschéckt.

Mat dëser Firma kann och all Veräin, den un engem Internetsite intresséiert ass eng Säit erstellen zu engem interessante Präis. Veräiner déi sech fir esou e Site intresséieren, sollen sech mam FLMP-Sekretariat a Verbindung setzen.

Fir eis ass et och wichteg, eng Emailadress vun all de Memberen ze kréien. Mir hunn nämlech elo iwwert dësen Internetsite d'Méiglechkeet fir e Mailing un all d'lizenséiert Memberen vun der FLMP ze maachen, mee, dofir brauche mir eng Emailadresse. Wann dir elo am Oktober äre neie Listing kritt fir ze kontrolléieren, da schreift eis w.e.gl. d'Emailadressen vun äre Memberen derbäi, esou wäit wéi dir se huet. Dëst kann eis an Zukunft vill hëlfe fir eis Memberen nach besser ze informéieren.

Kannerlizenz

Bei Geleeënheet vum Nationale Wanderdag zu Biekerech haten d'Kanner d'Méiglechkeet fir e Modell vun enger neier Kannerlizenz ze molen. Aus deene verschiddenen Entwërf hu mir eng Lizenz entwerfe gelooss an de 16. Oktober beim leschte Yuppi-Walk iwwerreeche mer all Kand esou eng Kannerlizenz. Hei ginn och all d'Kanner geéiert, déi mindestens 4 mol un engem Yuppi-Walk deelgeholl hunn.

D'Nächst Joer leeft d'Aktioun mam Cactus weider an och fir d'Joer 2017 sinn erëm 6 Yuppi-Walken virgesinn.

Verpasst och net all äre Kanner eng Lizenz unzufroen. Dës ass gratis bis 14 Joer an d'Kanner si bestëmmt begehrt offiziell zu der grousser Wanderfamill ze gehéieren.

Kalenner 2017

Eise neie Kalenner 2017 ass zanter dem 15. August op eiser Wanderung zu Biekerech am Verkaf. Dir fannt wéi ëmmer all d'Informatiounen iwwert eis Wanderungen a Permanent Wanderweeër.

Veräiner, déi eng Onregelméissegkeet festgestallt hunn, kënnen bis spéitstens den 28. September eventuell Bemierkungen am FLMP-Sekretariat mellen. Mir kënnen dann déi néideg Ännerungen nach am IVV-Europa-Kalenner maachen, den am November soll an de Verkaf kommen. No dësem Datum ass mam beschte Wëllen keng Ännerung méi méiglech.

Bénévole de l'année - Rappel

Als Unerkennung vun der Aarbecht am Bénévolat an de Federatiounen a Veräiner éiert de Sportsministère all Joer dës Leit. All Federatioun proposéiert eng Persoun, déi dann vum Sportsministère geéiert gëtt.

Wéi an der leschter Newsletter geschriwwen, huet d'Lëtzebuurger Wandersportfederatioun decidéiert, datt all ugeschlossene Veräin kann e lizenséierte Member vu sengem Veräin proposéieren, deen et verdéngt huet, fir säin Engagement iwwert laang Joeren am Sënn vum Lëtzebuurger Wandersport, geéiert ze ginn. Propositione mussen **bis den 30. September 2016 schrëftlech** mat enger detailléierter Opstellung vun den Aktivitéiten un d'FLMP, B.P. 56, L-9201 Diekirch ageschéckt ginn.

De Verwaltungsrout vun der FLMP decidéiert dann iwwert déi Kandidatur, déi un de Sportsministère weidergereecht gëtt. De Kandidat muss an dem Fall e Curriculum Vitae schreiwen an soll dann awer och bei der Präiswuerreechung selwer präsent sinn. De Veräin vum „Bénévole de l'année“ gëtt mat enger klenger Indemnitéit belount.

Wanderer des Jahres

Um Enn vum Joer gëtt fir déi éischte Kéier de « Wanderer des Jahres » geéiert. All lizenséierte Member vun der Lëtzebuurger Wandersportfederatioun kann sech do an enger Kategorie aschreiwen a muss seng IVV-Stempelhefter tëscht dem 1. an 31. Januar 2017 an d'FLMP-Sekretariat areeche fir kënnen an d'Klassement opgeholl ze ginn. Jiddereen kritt duerno en Diplom an de 3 Bescht vun all Kategorie kréien e kleng Kaddo. D'Reglement vum „Wanderer des Jahres“ fannt dir op eisem neien Internetsite ënnert der Rubrik „Info IVV – Wanderer des Jahres“.

Mir soen iech elo schonns e grouse Merci, datt dir all är Memberen iwwert dës Newsletter informéiert, dëst am Kader vun eiser Aktioun „Kommunikatioun am Veräin“.